

« Eis Schoul »

eng inklusiv öffentlech Schoul mat Modell-Charakter!

D'Zesummenaarbecht tëschent Enseignanten, Graduéeën, Educateuren, ESEB, Kanner an Eltere steet hei un éischer Plaz. Sech ëmmer nees a Fro stelle gehéiert och dozou fir dass d'Schoul hirer Missioun fir sech weiderzuentwéckele gerecht ka ginn. Fir déi Responsabel vun « Eis Schoul » ass kloer: Inclusion gëtt et net zum Nulltarif. Inclusion kascht. Qualitéit kascht. Wéi eng Erfahrungswärter goufe gesammelt? Wéi kann Inclusion funktionéieren?

Am Gespréich mam Marc Hilger, Matgrënner vun « Eis Schoul » an der Martine Schmit, Educatrice graduée a Member vum Schoulcomité

Dëst Joer feiert « Eis Schoul », déi eenzeg öffentlech, inklusiv Ganzdagsschoul aus dem Land hiren 12. Anniversaire. 138 Kanner ginn am Moment hei an d'Schoul, eng Schoul, déi hiert eegent Gesetz

2008 krut. D'Zil dovu war, der Schoul eng Chance op Weiderentwécklung ze ginn an ze schütze viru Wiessel an der Politik oder um Ministère. „E Projet, wéi dee vun « Eis Schoul », muss räifen a stabil bleiwen iwwert d'Zäit!“, esou de Marc Hilger, dee vun Ufank un derbäi war an de Projet mat ausgeschafft huet.

Am Moment hält « Eis Schoul » pro Joer eng 16 Kanner am Precoce un, obwuel ëm déi 150 Demande vun Elteren erakommen, net nëmmen aus der Stad, mee och aus anere Gemengen. Nëmme wann an deenen anere Cyclen eng Plaz fräi gëtt, kann d'Schoul och do een neie Schüler unhuelen.

Eng Equipe

Ganzdagsschoul bedeit, dass d'Kanner vun enger Equipe betreit ginn. D'Enseignanten, d'Educateuren, d'Éducateurs gradués gi wéi eng Equipe consideréiert, déi d'Kanner vu moies bis owes encadréiere mat der Ënnerstëtzung vun der ESEB. „Dat war d'Essenz vun deem

Gesetz!“, erklärt de Marc Hilger. „Dat heescht dass déi 4 Equippen enk mussen zesummeschaffen, wat eng Erausforderung war. Am Ufank war Sand am Gedriff, bis mir erausfonnt haten, wéi d'Ofleef am beschte funktionéiert hunn.“

Wien ass fir wat responsabel? Wéi eng Reim gi fir wat genotzt? Wien ass fir wéi e Raum, fir wéi e Material responsabel? Dat wäre ganz praktesch „Geschichte“ gewiescht, un deenen ee scheitere kéint.

„Déi eenzel Berufsgruppe mussen sech bewusst sinn, wat hiert Kärgeschäft ass. Wann dat garantiéiert ass, si ganz aner Saache méiglech“, seet d'Martine Schmit, wat als Educatrice graduée mat derbäi war wéi d'Schoul hir Dieren 2008 opgemaach huet.

Et ass vu Virdeel, wann d'Grenzen tëschent de Beruffer als fléissend ugesi ginn. „Et muss och méiglech sinn, dass en Educateur bei engem Kand dat Schoulescht iwwerhëlt, an dass den Enseignant dann eppes iwwerhëlt, wat den Educateur soss mécht, quitt dass



Eis Schoul an Zuelen:

138 Kanner

4 Enseignanten am C1

9 Enseignanten am C2-C4

4 Leit an der Equipe multiprofessionelle
« à tâche partielle » : e Psychologe,
eng Pedagogin, eng Ergotherapeutin, eng
Orthophonistin, plus d'Méiglechkeet
een « Assisant social » ze kontaktéieren
« en cas de besoin »

13 Leit am « Encadrement périscolaire »

7 Educateurs gradués



am generellen d'Responsabilitéte gekläert sinn. Dat Hand an Hand schaffen ass wichteg.“, esou de Marc Hilger, dee laang President vum Schoulcomité war.

10% Kanner mat spezifische Besoinen

« Eis Schoul » soll dem Gesetz no en Undeel vu 10% Kanner mat spezifische Besoinen unhuelen, dat mat engem Contingent vu 7 Educateurs-graduéeen « plein temps ». Et géif op déi richteg Mëschung vun de Kanner ukommen. Um Niveau vun der Selektioun vun de Kanner, steet am Gesetz vun « Eis Schoul » eng Kommissioun dran, mat Verrieder vun der Gemeng, dem Ministère an «Eis Schoul». Vun Ufank u war et wichteg, dass d'Schoul sech net zu enger Ediff-Schoul entwéckele géif, wou ze vill Kanner mat Schwierigkeete wäeren.

Jee no Demande gëtt eng « Phase d'essai » gemaach fir ze kucken ob d'Schoul d'Qualitéit vum Encadrement ka garantéieren, besonnesch zum Beispill bei schwéier autistesche Kanner, Kanner mat enger Trisomie oder schwéiere Verhalensopfällegkeeten. Et gëtt gekuckt ob d'Kand sech zu Recht fënnt a wéi vill Ressource musse fräi gemaach ginn.

„Mir ginn iwverlaf mat Demandë vun Eltere mat Kanner, déi Schwierigkeeten hunn. Eis deet et och ëmmer Leed, wa mir musse soen: „Mir kënnen Äert Kand net huelen, net well mir net wëilten, mee well mir déi néideg Ressourcen am Moment net hunn

fir Äert Kand opzehuelen“, esou d'Martine Schmit.

Erfahrungswärter a punkto Inclusioun

Wéi funktionéiert Inclusioun? „Ech probéiere mol ze soen, wat net däerf sinn“, seet de Marc Hilger. „Net däerf sinn, dass an enger Klass een Enseignant eleng ass mat Kanner mat « Besoins spécifiques » ass, déi hien iwverfuere. Dat bréngt kengem eppes, net dem Enseignant, net de Kanner.

An « Eis Schoul » huet sech eng Duebelbesetzung, Enseignant plus Educateur gradué, an enger Klass bewäert, fir d'Defie vun der Inclusioun am Alldag unzagoen. Et gëtt gäre vu baussen esou duergestallt, wéi wa mir méi Ressourcë wéi aner Schoulen hunn. Mee dat ass net, well de Ministère et besser mat eis mengt wéi mat anere Schoulen. Mir notzen einfach d'Virdeeler vun enger inklusiver Ganzdagsschoul aus, déi all déi Ressourcen, déi och an anere Gemengen do sinn, bündelt. D'Personal vun der Maison Relais, der ESEB an zum Deel engem « Centre de compétences » (fréier EDIFF), gehéiert bei eis zur Equipe vun der Ganzdagsschoul. Dat ass eng vun de Geléngensbedingunge fir Inclusioun, déi mir eis duerch eist Gesetz vun 2008 geschafen hunn. Esou eng Bündelung kann och Modellcharakter hu fir aner Schoulen.”

„Mat där Schülerpopulatioun, déi mir hunn, kënnt et och mol zu Situatiounen, wou et guer net méi

geet mat verschiddene Kanner, a wou een awer d'Gedold muss behalen an net däerf verzweiwelen. An do ass d'Equipe dann och nees ganz wichteg! Ni eleng, esou en Defi kann een ni engem eleng opbürden, dat féiert zum Burn-out, de Kanner bréngt et näischt, an d'Eltere sinn och net zefridden.“

Zesummenaarbecht bedeit hei um Kierchbiereg: Zesummenaarbecht am Cycle, mat der ESEB, mat den Educateurs vun der « Equipe périscolaire », déi d'Kanner an engem anere Kontext gesinn, an Zesummenaarbecht mat den Elteren, déi vun Ufank u mat an d'Boot geholl ginn. An enger Equipe gëtt grouse Wäert op Transparenz geluecht. Wéi e Kand brauch wat? Weess jiddereen dat? Weess jidderee wou a wéi hie beim Kand kann usetzen, vum « Périscolaire » bis bei dat Schoulescht? De Marc Hilger erkläert: “Esou Froe ginn an der wéchentlecher Equippeversammlung beschwat. Ee wichtegen Detail ass och nach, dass an « Eis Schoul » d'Cyclen 2,

« Mir notzen einfach d'Virdeeler vun enger inklusiver Ganzdagsschoul aus, déi all déi Ressourcen, déi och an anere Gemengen do sinn, bündelt. D'Personal vun der Maison Relais, der ESEB an zum Deel engem « Centre de compétences » (fréier EDIFF), gehéiert bei eis zur Equipe vun der Ganzdagsschoul. », esou de Marc Hilger.

3 a 4 zesummen eng Equipe bilden, déi sech zweemol d'Woch gesäit, fir dass dee « Roude Fue dem » am pedagogesche Konzept erhale bleift.”

Wat d'Personalausstattung betrëfft, esou gëtt et eng ESEB an der Schoul, déi eng Permanence huet, a wou verschidde Berufsgruppe present sinn. De Virdeel ass doduerch, et ass ëmmer een do an d'Weeër si kuerz.

« Eis Schoul » huet och per Gesetz eng « Commission de recrutement », déi hiren Avis zu de Kandidaten, déi wëllten do schaffen, ofginn. „D'Bereitschaft fir mat Kanner mat spezifesche Besoinen ze schaffen muss do si fir hei kënnen ze schaffen. An esouguer wann all d'Leit bereet sinn op dee Wee matzegoen, ginn et Stolpersteng. Ween hei stuer säi Programm wëllt duerchzéien, dee gëtt an « Eis Schoul » net glécklech. „Et muss ee bereet sinn, op d'Besoinen an d'Demandë vun de Kanner anzegoen an dat an den Alldag mat anzubauen.“, esou de Marc Hilger.


Schoulentwécklung

Eng Spezifizitéit vun « Eis Schoul » ass sécher, dass d'Eltere sech dës Schoul eraussichen. „Wat op der Etikett steet, muss och geschéien. Dat ass en Defi. D'Elteren hu sech « Eis Schoul » bewosst erausgesicht opgrond vun enger Offer. Do derhannert stiechen Erwaardungen. A wann déi net erfëllt ginn, da kënnen Elteren hiert Kand eraushuelen. A wa mir net genuch « Clienten » hunn, da kann d'Schoul zougemaach ginn, esou wéi dat och bei Privatentreprisen





Wichtig an héich gehale gëtt an der eenzeger inklusiver, öffentlecher Schoul vum Land och d'pedagogesch Konzept nodeem hei geschafft gëtt. D'Richtung ass kloer virginn. „Mir hunn an deenen éischte Joren ee Konzept entwéckelt, dat sech wéi ee « Roude Fuedem » duerch déi 5 Cyclen (de « Péricolaire » gëtt als 5. Cycle bezeechent) zitt an dat dem Personal, de Kanner an den Elteren een Halt gëtt an dat och no baussen an der Vitruinn steet well et d'Identitéit vun der Schoul ausmécht: « Tous capables ».“, sou de Marc Hilger.





Martine Schmit,
Éducatrice graduée
Marc Hilger,
Matgrënner vun « Eis Schoul »

de Fall ass.», erklärt de Marc Hilger, dee Schoulmeeschter am Cycle 3 ass.

Duerfir spillt d'Schoulentwécklung eng eminent wichteg Roll bei « Eis Schoul ». Zënter 2008 halen all d'Acteure vun der Schoul all Joer an engem « Plan de développement scolaire », dem sougenannte PDS, d'Ziler an d'Moosname gemeinsam fest fir d'Schoul weider ze entwéckelen. Um Enn vum Joer gëtt dann de Bilan gemaach: Mussen nei Ziler a Moosnamen definéiert ginn? Mussen der ëmformuléiert ginn?

A Punkto Differenzéierung zum Beispill hunn déi Responsabel festgestallt, dass besonnesch Kanner mat spezifesch Besoinen an de Klassen an der Vergaangenheet « net ugebass hunn ». Doropshi gouf mat der « Hochschule für Heilpädagogik » vun Zürich Kontakt opgeholl. Opgrond vu Recommandatioune goufe Moosnamen ausgeschafft, wéi een an der Theorie an an der Praxis den Unterrecht vum C1 bis

C4 an och den ausserschoulesche Beräich besser un d'Kanner upasse kéint.

„Mir hunn d'Wourecht net gepacht. Bei Kanner mat schwieere Situatioune loosse mir eis och hëllef. Mir loosse eis superviséieren a berode vu Leit mat där néideger Fachkompetenz. A wa mir an der Zesummenaarbecht mat « Centres de compétences », net weiderkommen, da gräife mir och emol op Experten aus dem Ausland zréck. An der Vergaangenheet huet eis dat ganz oft weidergeholf.“, erklärt de Marc Hilger.

« Eis Schoul » huet duerch säin eegent Gesetz eng « Gestion budgétaire autonome » a funktionéiert wéi ee Lycée. Dat erlaabt hinnen zäitno op bestëmmte Situatioune ze reagieren.“ Dat wor an ass haut nach ee grouss Virdeel. Inclusioun geet net vum selwen. D'Schoul muss fäeg sinn, sech ëmmer nees un nei Situatioune a Kanner unzepassen. Dofir muss eng Bereitschaft do sinn, fir sech

weider ze entwéckelen. Dat ass eis an deene leschten 12 Joer ganz gutt gelongen, mat Hëllef vun Experten aus eisem « Réseau d'échanges pédagogiques », déi d'Schoul kucke komm sinn (Bsp.: Falko Peschel, Hans Brüggemann, Herbert Altrichter, Peter Lienhard, Jean Le Gal, Christian Wolzfeld, Schulverbund blickueberdenzaun.de, Instituteurs-ressources, ...), an eis konstruktiv Réckmeldung ginn hunn, mat Hëllef vu Feedbacken aus Sondage mat eisen Elteren (aktuell an ex) an hire Kanner (aktuell an ex) an dem Personal, awer och duerch Kollaboratioune mat universitären Arichtungen (UniLux, Hochschule für Heilpädagogik Zürich, Uni Nanzeg/ESPE Epinal), dem SCRIPT an dem IFEN.“

Iwwert den IFEN proposéiert « Eis Schoul » och Hospitatioune zum Thema: Ganzdagsschoul, Inclusioun, « Education à la citoyenneté » a Portfolio.

Méi Informatiounen op www.eisschoul.lu